in Kriege erlebten Begebenheiten, sodass dieselben hier wörtlich niedergetragen werden:

Wé mer den IO.Januar I940 eist IOjährigt Jubilaüm gefeiert enhun, du huot wuol ké Mensch geduocht, datt eis Gesellschaft hir Tätigket misst ennerbréchen.

Et war démols e Genoss fir mech, hei ob dèser Plâtz iwer IO Joer Arbecht fun eiser Fanfare ze berichten. Haut no 5½ Joer Ennerbréchong, de zo Lâchten fum Preiss " dem Lande der höchsten Kultur" fällt, séf et mer gegönnt dé mescht Musikanten ze Begrèssen, dé enner Mathelle vun der Awunnerschaft vun Medernach d'Wonnen, dé eis Fanfare am Krich geschloe kritt huot, ze verbannen an rem auszehélen, d.h. d'Fanfare de Medernach rem obzebauen.

Bevir ech op d'Grönn vun der Oblèsong vun eiser Gesellschaft enner dem preisichen Regimme iwerginn, erennere mer eis verschiddene Mitglieder, dé net bei esi sin, an ech biéden echzum Zéchen sèlegen Undenkens obzestôn.

Et sin dât:

I. eise Président de Charel Regenwetter, plötzlech gestuerewen, den I3. mai I94I.Himm duorfte mer nach de letzt E'eren erweisen, an de lezte Wé in corpore mat him gôn, wann och schon den damaligen Ortsgruppenleiter Gruber en Dâr do an font hât, an der Gesellschaft Schwierigkéten gemât huot, well: Itens den ro't-weiss-bloen Fundel vun der Gesellschaft matgedroe guf an 2tens well de Judd Noby Kahn als stellvertredenden President vir ob gangen ass.

2. den Noby Kahn, vice -président, hién ass am Februar I942 am K.Z zu Hinzert gestuorwen, well hién de malchance hât, der israelitischen Kultusgemeng unzegehé'eren.

3. den Alois Baulesch, gefal an Russland.

Et ass selwverstänlech, dat hei och dénen E'eremembren geduocht ass, dénen mer net dat statuarescht Begriéfnis erweisen konnten. Et félen och nach ve'er aner Jongen, de de Preis zo senger Verteidigong agezun huot resp. deportèert sin ginn; hoffe mer, datt se nach all um liéwen sin an rem geschwenn enner ons sin.

Den 3.Mai I940 war eis letzt Pro'f, den Concert vun Kirmerdeg war kaum verklongen du trett d'Katastroph an- d'Preisen recken ran, verbidden vorléfeg all Gesellschaften an beschlagnahmen d'Vermegen. Vir de Beschlagnahm fun den Instrumenter ze entgoen, sollte mer du rem probé'eren vir ~~rem~~ Musek ze maî. Kaum hât de Stillhaltekommissar eis Gesellschaft rem frei gin, du kûmen d'Bedingungen um lâgende Band, bâl de Stillhaltekommissar dann de Landrôt an dé schlemmste war de Kreisleiter. Dât interessant Circulaire erlâben ech mer virzelésen:

1. Jedes Vereinsmitglied hat in Zukunft mit dem Deutschen Gruss "Heil Hitler" zu grüssen.

2. Jedes Vereinsmitglied muss eine Hakenkreuzfahne haben.

3. In jedem Vereinslokal ist an bevorzugter Stelle ein Führerbild anzubringen.

4. Jedes Vereinsmitglied muss Mitglied der Volksdeutschen Bewegung sein. Falls der Antrag abgelehnt wurde, muss es Mitglied der NSV., der DAF oder einer anderen Parteiorganisation sein.

5. In jeder Familie der Vereinsmitglieder muss das Buch Adolf Hitlers "Mein Kampf" sein.

6. Die Kinder der Vereinsmitglieder müssen der Hitlerjugend angehören.

7. An jedem Vereinsabend, bei dem mehr als die Hälfte der Mitglieder anwesend sind, muss 1o Minuten lang aus Adolf Hitlers "Mein Kampf" oder aus sonstigem "NS.-Schrifttum" vorgelesen werden.

8. Jeder Verein muss das Mitteilungsblatt des Gauringes in fünffacher Ausfertigung halten. Der Vereinsführer muss seine Mitglieder zum Besuch der VdB.-Versammlungen bewegen.

9. Die Vereine müssen sich zweimal im Jahre mit der Sammelbüchse an einer WHW- oder DRK-Sammlung beteiligen. Ausserdem muss jeder Verein einmal im Jahre eine Sammlung innerhalb des Vereins vornehmen.

1o. Mitte August findet eine grosse öffentliche Kundgebung statt, in der Gauleiter Gustav S i m o n einen Bericht über seine Tätigkeit als Chef der Zivilverwaltung im letzten Jahre gibt. Zu dieser Versammlung müssen die Vereine aktive Propaganda leisten.

- - - - - - -

Dîr kennt gléwen, datt de Comité de Responsabilitet net iwerhuolen konnt an d'Klöpple bei d'Tromm geluoescht huot.

Et kûm du de gro'ss S.A.werbeversammlong vum 29.Oktober 1942 iwer dè ech léwer nescht gèf schwätzen. Enner Dré'en an Drock vun der Lokalpolizeî ass de Versammlong zo Stand komm, an den damalegen Ortsgruppenleiter Scheier konnt an d'Kreisleitung beridten "Mit genannter Aktion war auch die Neugründung der Musikgesellschaft von Medernach als S.A. Musikzug vorgenommen."Et ass nun der Résistenz vun on ons allen, ~~dat et~~ zu verdanken, dat et nie zo engem S.A.Musikzug komm ass, d'Pro'fen gûwen saboté'ert, 4 Jongen sin suguor während 48 Stonnen zu Ettelbreck bei Wasser a Bro't an de Keller agespârt gin. En amusante Moment war et, wé den S.A;Höppner als Dirigent e Steck aus onsem Marschheft ob senger Klarinette gespillet huot, wo de Refrain "Letzeburg de Letzeburger" mat aller Krâft vun denen winigen Uwesenden matgesonge gin ass.

Wé et och ass, et ass trotz Dré'en mat Emsiedlong an K.Z. net zu S.A.Musikzug kom, an ob der aner Seit gûfen ons Instrumenter net beschlagnahmt, so dat mer, we eist Land rem frei war, d'Fanfare rem obtrieden konnt.

Den eschte Gank war no Ermsdorf. d'E'remember Math.Weyrich ass den IO.September dètlech vun Granatsplittrr getraff gin , mir hun net verfélt mat him sen leschte Gank ze goen.

Wé d'Union nun den I.IO.44 eng Feier organiseéert , waren me: rem prompt do, fir matzemachen, murgens an der Messe fir de Gefâlen, nomettens en Cortège durch d4Doref, getrei eisem Prinzip emmer derbei ze sin, fir e Fest ze verschè'neren.

Durech d'Rundstedtoffensive gûfen mer rem gestè'ert, d'Evacuation kascht eis ongefèer eng Dozen Instrumenter , dé verluer sin gangen de Musiksaal an d'Inetrd Miwelen sin demolé'ert, mais ech appeleéeren un de gudde Well vun eiser Gemeng an senger Population datt se ons mathelefen, de Schued rem gudd ze machen wé et an hiren Kräfte stét. Mir Musikanten setzen all Kräften drun fir d'Musek ob seng al Hésecht ze brengen an dé Wé den mer I93o betratt hun, virunzegoen.

Vive d'Fanfare de Medernach

In der Versammlung sind „frühere" Musikanten jetzigen wieder aufgenommen. Es sind dies:

Kirsch J.P.
Funck Michel
Konnen Charles
Schmartz Laurent
Schanta J.P.

Für die vakanten Posten als zweiter Vorsitz-